N°49
Entrée le 28.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Rezent gouf ugekënnegt, dass ab dem 21ten Dezember d'Gesellschaft China Southern plangt eng Kéier d'Woch mat engem Airbus 350-900-Fliger vun de Stied Guangzhou a Zhengzhou aus op Lëtzebuerg ze fléien. Mat engem vun dëse Volle kënne bis zu 314 Passagéier gläichzäiteg ukommen, déi duerno natierlech duerch d'Kontrolle vun der Police an der Douane mussen. Dëst Passagéierzuele géifen als an déi Dausende goen a sinn mat engem ganz groussen Aarbechtsopwand verbonnen well Findel verfüügt just iwwert e klengen Net-Schengen Beräich.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt sech um Lux-Airport op dës nei grouss Kapazitéit u Passagéier preparéiert?
2. Sinn d'Ekippe vun der Police um Flughafen op déi méi héich Belaaschtungen duerch dës zousätzlech Vollen aus China preparéiert?
3. Sinn d'Ekippe bei der Douane um Flughafen op déi méi héich Belaaschtungen duerch dës zousätzlech Vollen aus China preparéiert, wëssend, dass am Passagéierberäich aktuell verschidden Ekippen ënnerbesat sinn?
4. Wéi vill Taxe kritt Lux-Airport duerch dës Direktvollen tëscht Lëtzebuerg a China eran?
5. Wéi vill Taxen a Recettë soll de Lëtzebuerger Staat duerch dës Direktvollen tëscht Lëtzebuerg a China erakréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten